# déi Konservativ

# Pressematdeelung

11.04.2017

## Déi Konservativ, d'politesch Alternativ!

D'Partei „déi Konservativ" huet den 10. Abrëll 2017, hire Nationalkongress an der Gemeng Péiteng, am Café Comeback zu Rodange ofgehalen.

D'Partei huet am Krees vu méi wéi fënnef-an-drësseg Leit, hir politesch Gebuertsstonn gefeiert, a mat hirem éischten, aussergewéinleche Nationalkongress, d'Partei offizialiséiert. An de Riede gouf d'Partei als politesch Alternativ zum Aalparteiesystem verkënnegt, an d'Noutwennegkeet vun enger Partei mat konservativer Parteiphilosophie, a klorer politescher Linn begréisst. Déi Konservativ versti sech, als konservativ, patriotesch a biergerlech.

Nieft dem Guttheesche vum Aktivitéitsbericht, Keessebericht, der Aarbecht vun der geschäftsféierender Parteileedung, souwéi de Statuten an dem Grondsazprogramm, gouf e neie Komitee fir d'Partei gewielt. De Joe Thein gouf unanime, a sengem Mandat als Nationalpresident, confirméiert. De Nationalkomitee vun déi Konservativ, setzt sech zesummen aus,

dem Nationalpresident **Joe Thein**,

de Vizepresidenten **Mario May** a **Guy Malané**,

der Generalsekretärin **Monique Weber**,

dem Generalkeessjee **Patrick Thein**,

de Nationalkomiteesmemberen **Frederic Heuschling**, **Sandra Schwachtgen**, **Norbert Eckardt**, **Pol Morang**, **Damien Almeida**, **Fränk Schleich** a **Guy Peiffer**,

souwéi de Keesserevisoren **Maria Monteiro** a **Francis Birlenbach**.

gezeechent,

déi Konservativ